## 12.01.1987 28. Comitéssëtzung

Mir maachen de Bilan iwwer déi lescht Organisatiounen :

- Theater : Boni + 26.000 Flux
- Conveniat : + 50 Flux
- Kleeschen : - 5.600 Flux
- Éirungen : - 2.400 Flux

Beschat gët och nach d'Organisatioun vun der Generalversammlung, der Sortie vum 25. Januar 1987, d'Cavalcade an d'Greeff-Kräiz op der Dresch.

---

## 03.02.1987 29. Comitéssëtzung

Bei der neier Opstellung vum Comité gouf et keng Ännerungen vun der Spëtzt.

Mat neiem Elan (besonnesch vun der Säit vum President) gi mer an eist 3. Joer eran.

Décisioune gi geholl iwwert Memberskaarten, Blummenaktioun (1987 wëlle mer zesumme mat de Leit d'Groussgaass verschéineren, Blummen opstellen, ... ), de gemittlechen Nomëtteg.

Beweiser vum presidentschaftlechen Elan : Hien iwwerhëlt (zesummen mat Arsène Wies an Patrick Hermes) d'Andreiwe vun de Memberskaarten an Zesummendroen vun de Gewënner fir d'Tombola am gemittlechen Nomëtteg.

Fir deen Nomëtteg konnte mer den Här Georges Calteux verpflichten (Service des Sites et Monuments).

---

## 09.03.1987 30. Comitéssëtzung

Detailler vum gemittlechen Nomëtteg gi festgeluegt, en éischte Gedankenaustausch iwwert d'Fëlschdrëfferstrooss an deen neien Duerfkäer gët gemat.

Zu eisem Veräin gehéieren 149 Membren an 92 Éiremembren.

---

## 13.04.1987 31. Comitéssëtzung

Blummenaktioun, Sonneprabeliën, Blummebacën, Botzaktioun an der Grouf. Éischte Gedankenaustausch iwwert de Projet Fëlschdrëfferstrooss.

---

## 04.05.1987 : 32. Comitéssëtzung

63 Ziedelen (± dat selwecht wéi 86) sinn erakomm fir eis Blummenaktioun. Besprach gët d'Ausféieren. D'Blumme solle scho freides owes vun de Gärtner geliwwert ginn an de Schapp bei der Grott. Da kënne mer muerges gläich lassfuere mam Ausféieren.

Haaptpunkt awer vun der Sëtzung war de Projet Fëlschdrëfferstrooss. Mir halen eis Haaptideeën an engem Schreiwes un den Inneminister an un de Minister vun den öffentlechen Aarbechten fest. Kopie un d'Gemeng. Méi Détailler vun deene Bréiwer fèent een am Deliberatounsregëster.

Beschwat ginn awer och éischt Détailer vum Duerffest.

---

## 01.06.1987 : 33. Comitéssëtzung

Themen : Détailer vum Duerffest an Info-Versammlung iwwert d'Waasserfabrik a Kickeschpand.

---

## 08.06.1987 : Deel-Comité

Wéi an der leschter Comitéssëtzung décidéiert gouf, treffen sech den Owend eng Rei vu Comitésmembren, fir d'Détailer vun eiser Informatiouns-versammlung iwwert d'Waasserfabrik a Kickeschpand ze beschwätzen.

<u>Eist Zil</u> : mir wëllen Informatioun iwwert déi Fabrik, hiert Funktionéieren, hier Gefoaren a Belaaschtungen.

<u>Praktescht Virgoen</u> : Mir setzen e Katalog vu Froen zesummen, déi am Numm vun de Wiisser Leit vum Hermes Patrick an Tremth Fernand solle virgedroe ginn. Mir wëllen op kee Fall eng Polemik géint egal wien opkomme loossen.

---

## 07.07.1987 : 34. Comitéssëtzung

- Organisatioun vum Grillfest
- Programm Hierscht/Wanter

waren déi wichtegst Punkte vun der Comitéssëtzung.

't ass scho bal zur Traditioun ginn, dass déi lescht Comitéssëtzung virun der Vakanz doaussen ofgehale gët. Dës Kéier allerdéngs hate mer eis ënnert dem Préau niddergelooss, well e Wieder koum. Maedesch Misch hat esou guer nach eng besser Plaz fond (Foto : De Misch sëtzt virum Préau am Auto mat oppener Fënster).

---

## 14.09.1987 : 35. Comitéssëtzung

Wichteg Punkten um Programm :

- Greeff-Kräiz-Aweihung
- Programm Hierscht-Wanter
- Buden

---

## 06.10.1987 : Deel-Comité

D'Membre vum Comité, déi, op Invitatioun vum Schefferot, mat bei den Här Minister Marcel Schlechter sollte goen, hunn sech zesummefond, fir déi Réunioun ze beschwätzen. Et waren dat : Hein Gérard, President ; Tremuth Fernand, Sekretär ; Hermes Patrick, Berscheid Jean, Schmit Marlène, Renckens Jean-Paul, alles Awunner aus der Fëlschdrëfferstrooss.

---

## 19.10.1987 : 36. Comitéssëtzung

Wichtegst Punkten :

- De Fausti ass engagéiert fir d'Duerffest 1988
- Theater (Akteuren a Stéck)
- Trëppeltour
- Bam setzen
- Fëlschdrëfferstrooss an Duerfkäer

---

## 30.11.1987 : 37. Comitéssëtzung

- Bilan vum Trëppeltour
- Benennung vun der Huelgaass
- Organisatioun vum Theater
- Éirung vun deenen Eelsten (19.12.1987)
- neien Duerfkäer : d'Plangen vun der Kommissioun ginn dem Comité virgestallt an allgemeng gutt geheescht

NB. : De René Zambon hëlt erëm un der Sëtzung deel.

Zimmlechen Duercherneen gët et an dëser Sëtzung, well zur selwechter Zäit Theaterprouf ass. Eise President ass zimlech onzefridden doriwwer, wéi sech spéider erausstellt : zu Recht !

---